

D'GAMELLE



E Bliedchen vun de

Luerenzweiler Guiden a Scouten

Redaktiounsuschreft

GAMELLE GmbH & Co. KG
71A, route de Luxembourg
7373 Luerenzweiler
GSM : 091 30 97 37
em@il : gamelle@lgslorenzweiler.lu

Chefredakter

LINCKELS Sven



Redaktioun

Biber
Wellefcher
Avex
Carapio
Raro
Cheffen vun sämtlechen Branchen
Pit

Oplo

120 Stéck

Nummer

N° 16 erauskomm den 12. November 2005

Wat as dran?

SÄIT

- 1 Cover
- 2 Impressum & Inhalt
- 3 Virwuert
- 4 - 6 Wichteg Adressen
- 7 E puer Wuert vun eisem Aumônier
- 8 Biber
- 9 Wellefcher
- 10-13 Avex
- 14-18 Carapio
- 19 Raro
- 20 Memberlëscht 2004/2005

*Wien Fehler fërnt, dierf se haalen oder
beim Recycling-Center bei him an der
Géierend ofgin.*

E puer Wuert vum ...

Gruppechef

Léiwe Gamellelieser,

Et ass nés e Joer em, e Joer mat ville flotten Aktivitéiten. Den Héichpunkt war ouni Zweifel eise gemeinsame Gruppencamp "Move" op der Maulusmillen. Dest war schon eng kleng Erausfuederung fir eis, well et ass net sou einfach fir mat 80 Leit eng Woch op enger Wiss ze verbrennen, an et ass kee Waasser, keng Toilette, keen Ofloss, keen Elektresch a keen Telefonsnetz do. Mir hun et hikritt, et war vill Aarbecht, mee et war flott. Vill Leit hun vill, jo ganz vill geschafft. Hinnen alleguer nach eng Kéier en mega Merci dofir. De Camp war en Erliewnis fir jiddereen, deen do war, et ass alles gudd verlaaf an et ass Gott sei Dank kengem eppes Schlemmes geschitt.



Een Hannergrond vum Camp war jo eise Gebuetsdag, daat heescht 35 Joer Guiden a Scouten St.Laurent.

Ausser enger klenger Chronik, engem Badge, an engem Gebuetsdagskuch si mer net zevill dodrop agaangen, mee bei deem nächste ronne Gebuetsdag dee mer feieren, wärte mir daat secher nohuelen.

Mir hun am September och e puer nei jonk Chef, déi sech entscheed hun, en Engagement an enger Branche ze iwerhuelen. Merci fir hire Courage.

D'Carole Ney huet dëst Joer eng Formatioun ugefang fir "Assistent Gruppechef". Haat ass voll motivéiert an mir wellen an nächster Zait zesummen an engem "Team" schaffen. Mir hun eis d'Chargen, déi am Laaf vum Joer sou ufaalen, e besseren opgedeelt, fir an deem Seem jidderengem d'Saach besseren ze erliichten. Merci Carole fir dain Engagement.

E Riesemerci awer och nés wéi emmer un all eis Chefen, déi bénévol an motivéiert Aarbecht leeschten während dem ganze Joer, ouni hiren Asaatz giff naischt goen. E Merci un eis Kanner, daat se eis erdroen, e Merci un eis Elteren fir hirt Vertrauen, e Merci un d'Chantal Everad, eis Kessiëre, an en décke Merci un all déi aner Leit, déi eis an iechent enger Art a Weis ennerstetzen oder fördern.

De läschte Merci geet un eisen Aumonier, de Pit Reuter, deen dëst Joer alt nés daat Onméiglecht méiglech gemach huet, fir sou vill wi méiglech bei eis ze sinn. Mir wessen daat ze schätzen a wenschen him fir daat kommend Joer e gudden Batz mainer Stress.

Ech wenschen lech alleguer e flott an erliewnisreicht Guiden a Scoutsjoer 2005/2006.

Jemp

E puer Wuert vun eise Aumonier gin et op der **Säit 7**.

Wichtig Adressen

BIBER



Responsabel

BIDOLI Renée
8, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 79 69
GSM : 021 784 250



BEFFORT Jill
2, Cité Roger Schmitz
7381 Bofferdange
TEL : 33 16 83
GSM : 091 737 146



BRÜCK Mich
36, rue Principale
7450 Lintgen
TEL : 32 83 82
GSM : 091 801 737



KRECKÉ Elisabeth
18, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 81 38
GSM : 021 768 176



MAYER Catherine
9, rue du Knapp
7460 Prettingen
TEL : 32 92 93
GSM : 061 291 184

WELLEFCHER



Responsabel

WEBER Men
140, rte de Luxembourg
7241 Bereldange
TEL : 44 94 47
GSM : 021 135 159



BICHLER Fanny
23, rue des Noyers
7303 STEINSEL
TEL : 33 73 08
GSM : 021 214 989



BRÜCK Paul
36, rue Principale
7450 Lintgen
TEL : 32 83 82
GSM : 091 785 848



DOSTERT Mich
11, rue du Cimetière
7396 Hunsdorf
TEL : 33 28 92
GSM : 021 421 805



FEVE Patricia (Butz)
5, rue de l'Ecole
7410 Angelsberg



FOURNELLE Germain
8, rue Belle-Vue
7350 Lorentzweiler
TEL : 33 81 70
GSM : 021 758 116



SCHINTGEN Pol
Asselscheuerhof
7392 Asselscheuer
TEL : 33 05 34

AVEX


Responsabel

MOLITOR Ben
Z.I. Langwiss
6131 Junglinster
GSM : 061 303 431



BECK Jemp
5, rue des jardins
7325 Heisdorf
TEL : 26 33 20 70
GSM : 021 750 159



BISENIUS Ben
2, rue Bëll
7432 Gosseldange
TEL : 32 67 08
GSM : 091 620 377



MOLITOR Anne
149, route de Luxembourg
7374 Helmdange
TEL : 33 73 88
GSM : 061 753 818



MULLER Ernestine
B.P. 19
7205 Lorentzweiler



RINNEN Tammy
15, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 84 04



SCHAEFER Serge
3a, rue Wangert
6961 Senningen
GSM : 021 30 74 79



SCHOSSELER Sven
40, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 92 42
GSM : 091 631 012

CARAPIO


Responsabel

LINCKELS Sven
71A, rte de Luxembourg
7373 Lorentzweiler
TEL : 26 33 20 62
GSM : 091 309 737



BOURMER Fränk
13, rue de la Gare
7448 Lintgen
GSM : 021 130 464



NEY Carole
5, rue des jardins
7325 Heisdorf
TEL : 26 33 42 40
GSM : 091 339 812



PANETTA Nico
28, rue Kreizert
7453 Lintgen
TEL : 32 95 42
GSM : 021 253 953



SCHROEDER Ander
4, rue Paul Eyschen
7317 Steinsel
TEL : 33 03 32
GSM : 061 730 814

RARO



Responsabel

PEUSCH Mireille
10A, rue des Jardins
5376 Uebersyren
TEL : 26 701 777
GSM : 061 791 115



HÖFLIGER Tessy
173, cité Roger Schmitz
7381 Bofferdange
TEL : 33 98 74
GSM : 061 393 494

5. BRANCHE



Responsabel

WEBER Men
140, rte de Luxembourg
7241 Bereldange
TEL : 44 94 47
GSM : 021 135 159

DEN LGS SHOP ...

... as ze fannen :

an der Stad am Convict
Bloc G um 1. Stack
5, avenue Marie-Thérèse

... as op :

Dënschdes a Mëttwochs
vun 15:00 bis 18:00
Donneschdes
vun 15:00 bis 19:00
ausser an de Schoulvakanzen!

... as ze ereechen :

ënner dem TEL : 44 7 43 313
oder per EMAIL : shop@lgs.lu

GRUPPECHEF



BECK Jemp
5, rue des jardins
7325 Heisdorf
TEL : 26 33 20 70
GSM : 021 750 159

GRUPPECHEF ADJOINTE



NEY Carole
5, rue des jardins
7325 Heisdorf
TEL : 26 33 42 40
GSM : 091 339 812

KEESSIERE



EVERAD Chantal
3, rue de Blaschette
7373 Lorentzweiler
TEL : 32 65 75
GSM : 021 144 951

AUMONIER



REUTER Pit
15, rue du Cimetière
7444 Lintgen
TEL : 32 03 50
GSM : 021 137 522

FOYER



FOYER ST. LAURENT
23, rue St. Laurent
7370 Lorentzweiler
TEL : 33 07 08

E puer Wuert vun eisem

Aumônier

Aumônier, aumônière: Virwetzeg hun ech a mengem klengen dictionnaire étymologique (Larousse) gekuckt wat dat eigentlech heescht? Fir et kuerz ze machen: et kënnt vum griecheschen a bedeit "Mat-fillen" a weider am "theo" hun ech geliess: "een de kritt an een dee gött".

Seit drei Joer sinn ech immens frou vun iech vill ze kréien ... a sinn doriwer traureg wéineg ginn ze kënnen. "Mea culpa" fir déi, déi sech mat der latengescher Sprooch ofginn!

Mat frouem Haerz an all Kéier mat engem décke Merci kommen ech heem aus dem Grupperot! Merci fir all "Jo" ... "ech si prett", ... "ech maache mat"!!

En décke Merci dem Jemp an alle Membren vum Grupperot!!! Dëst Joer war ech solidd engagéiert an der Virbereedung a beim Mat-erliëwen vun de JMJ (Weltjugendtag) hei zu Letzebuerg an zu Köln! Vun de Luerenzweiler Guiden a Scouten war och eent do bei! Et war immens an deen Aale konnt nees a seng Jugendzäit eraklammen! Vertrauen a Gott ... mat alle Froen a Schwieregkeeten, mee virun allem vill Solidaritéit a Freed hunn ech während e puer Wochen Daag an Nuecht erliëwt.

Flott war et mat iech all op der Maulusmillen, wou ech d'Camp-Liewen zum Deel maat-maache konnt. Mee en Héichpunkt war fir mech déi reliéis Feier ... d'Mass déi mer um Jubiläumscamp gefeiert hunn. Vum Daag eraus an d'Nuecht eran, an zeréck an d'Liicht, wou Dir alleguer, Biber a Wellef, Avex a Carapio a RaRo cool bis aussergewéin-

lech formidabel matgemaach hutt. Deen Aalen hat Aufgabe verdeelt an Dir hutt et mat Engagement a Léift bruecht... an eis Mëtt! an de Kär vu jidferengem vun eis.

- den Auszuch aus Aegypten ... (endlech frei!)
- d'Begéinung vu Jesus an dem klengen Zachäus ... (Jesus ass op!)
- de Merci vum geheelte Leprakranken ...

M E R C I !!

Aumônières, aumôniers ... si mir eigentlech alleguer: Ginn a Kréien ... ganz Mensch sinn ... e flotte Programm an e coolt Ziel:

Ech freeë mech op déi nächst méi grouss Rendezvounen

- de Chrëschtmaart (11.12.2005)
- d'Buergebrennen zesummen mat der FNEL (05.03.2006)
- d'Eischt Mee-Feier ...

a vlaicht emol ... wier dat net ze plangen? ... wou mer all zesummen an enger Feier, Jesus, dee liewegen an eis Mëtt invitéiere géifen ... einfach, bescheiden kënnt hie gäer bei eis ... Move!

Iwregens an nach ... an der Kierch (Gemeinschaft vun deenen, déi Gott vertrauen) zu Lëtzebuerg feiere mer d'Joer vum Waasser, dat erënnert un eis Daf, ... dat "Liewen" bedeit. Et wier flott wann dat Thema an eise Versammlungen opgegraff géif!

E gudd a frou Guiden- a Scoutsjoer!!

Pit



Weekend zu Miersch Thema Dschungel

Mir sin zesummen vum Foyer op Miersch gefuer an hun eis an deem riesegen Chalet schnell no eisem Thema Dschungel ageriicht.

Matt Geschichten an klengen Theaterspiller hun eis Biber sech op eis Rees an den deifsten Dschungel gemaach. Wei daat sech och an engem richtigen Urwarld geheiert, waren dausend verschidden Deierenarten present.

Mat eisen selvergebauten Instrumenter gouf et zu engem richtigen Dschungelfest.

Natiirlech dierfen d'Spiller och net feelen, an dofir huet jidereen sech e Ball gebastelt.

Owes gouf et och richtig Dschungeliessen : Thüringer um Grill. Daat huet jiderengem geschmaacht. Nom lessen huet all Biber sai Versprieche gemaach.

Bessen mi speit, wie schon jidereen sain Pyjama ugedoen haat, hun mer e gemittlechen Quizowend zum Thema gemaach... Dunn hun mir Chefen mol rausfonnt dass d'Biber vill mei wessen wie

mer gemengt haaten an oft suguer besser Bescheed wossten wie mir.

Ganz speit ass dunne och dee läschten midden Biber ageschloof, waat awer keen dru gehennert huet moies frei um 7 Auer schon rem fit an der Uniform um lessdesch ze setzen... (Daat haaten mir Chefen deemno manner gär)

Moies stoung dunne T-shirt molen um Program, natiirlech huet jidereen en Aaf gemolt.

Mettes goufen et richtig Dschungelspaghetti z'iessen.

Dono hun mer dunne Miersch onsecher gemaach, an sin duerch d'Duerf gaang an hun en Tauschpill gemaach. Bei desen Spill gin Zahnstocher getosch... an et ass emmer spannend vir ze gesin, waat d'Leit engem alles schenken... Mir haaten natiirlech alleguer d'Kamellen am leifsten!

Leider geet och engkeier dee scheinsten Weekend op en Enn... mee die schein Momenter vergiessen mer alleguer net sou séier.

Renée





D'Wellefcher um Move Camp

Wir waren auf dem Camp zweimal nach Redingen ins Schwimmbad. Wir haben mit einem Ball gespielt. Wir sind viel geschwommen. Wir sind ins Wasser gesprungen und haben uns nassgemacht. Wir sind 1000 mal gerutscht. Wir waren

2 Stunden da. Dann sind wir wieder mit dem Auto zurückgefahren. Das war ein toller Tag

Linda & Rick

Moies hun mir ee Rally genaach mat lauter Nooriichten an um Schluss hun mir bei engem Fliiger halt gemacht. Um Ufang waren mir bei engem Spill dun bei engem anerem an du bei engem anerem an bei

engem anerem...an dun sin mir bei engem Fliiger gelant an hun ee Schatz ausgegruewen. Mir huet et gutt gefall.

Jules

Mir waren ob der Maulusmillen. Do war ee Mann dee keng Hänn hat an hien huet Trakteren gefleckt. Hien huet och Stroum genaach. Hien huet ons säin Trakter gewisen. Mir hun et flott fonnt.

Julie

Da war ein Auto und wir mussten es ziehen. Da war ein Becken mit kleinen Luftballons.



Da waren Pfeile womit man auf Luftballons schießen musste. Wa war ein Stein und dann mussten wir ihn auf den Boden werfen.





D'Avex || || ||
um Move Camp || || ||

Samschtes 30. Juli

Mir sin mam Zuch vun Miersch bis bei d'Maulusmillen gefuer. Wei mier do ukomm sin, hun mir eis Zelter opgeriicht. D'Jongen haaten eent, d'Meedecher haaten der zwee, eent fier d'Saachen an eent fier dran ze schloofen. Owes hun mer een Nuetspill gemaach, wou mer hun missen den Germain fannen. Dunn sin mer schloofen gaangen.

Lena Bidoli

Sonndes 31. Juli

Moies hun mir Konstrucktiounen gemaach. Mier hun eng Entree's Paart gemaach an een Tuerm aus Holz gebaut. Mettes wei daat alles do stoung, hun mir nach un Klengechkeeten gekneschelt. Wei zum Bleistift: Scheld vun "MOVE-MOVE" oder Schnoueren, mat deenen Musteren gemaach gin sin. Um Tuerm ass eng Klooterwand drugebaut gin an een Waasserrad. Owes war et esou wait fier d'Eröffnungsfeier vun eise Camp MOVE-MOVE. Mier hun en Feier gemaach an hun

eis ronderem gesaat. Den Fränk, de Pol an den Men haaten sech verkleed an hun den Camp eröffnet. *grins*

Liz Hary

Meindes 1. August

Moies stuung den Atelier Kaart a Kompass um Programm. De Jemp huet eis erklärt wei mir mat enger Kaart an engem Kompass eenzgin. En huet eis gewisen wei een bestemmten Punkten mat hellef vun Koordinaten fennt. Mettes hu mir een Fotoconcours an der Staat Klierf gemeet. Mir kruuten een Blaas wou drop stung weivill Punkten een vir eng bestemmten Foto kritt an d'kont een och erfonnten Fotoen maachen, daat heescht z.B. ganz Trupp klemmt op een Panzer an dann freet een een, deen eng Foto vun eis all keint maachen. Owes hu mir een Nuetsmarsch gemach. Am Ufank kruuten Wellefcher eng Faakel an du missten si all Branche dei mat gaang sin op dei Platz brengen dei um Ziedel stung, dun kruuten Avex Faakelen a missten daat selwegt maachen an sou weider a sou fort.

Carole Schmol

Densches 2. August

Moies konten mier ausschloofen, wei mir erwäsch waren, sin mir opgestaanen an hun eppes giess. Dun konten mir maachen waat mir wollten. Duerno war et esou geint halwer 2 wou mier op der Campplätz matt Autoen an der Camionette fortgefuer sin an den Hochseilgarten. Mir sin mat der Seelbunn den Biereg erop gefuer. Um Biereg ukomm sin mir lass gaangen, tonnen Leit virun eis, mir hun ofgestemmt op mir an d'Schwemm gin oder waarden bis mier drun kommen.

Dei meescht hun fier an d'Piscine gestemmt an domatt war et kloer. Mir gin an d'Piscine, well verschiddener awer gemeckert hun die wollten onbedengt do waarden, hun d' Cheffen eis versprach , dass mier geifen an den Hochseilgarten remkommen, waat mier och maachen an zwar den 9ten Oktober. Mir waren an di oppen Schwemm zu Vianden. Mir waren mengen ech bis halwer sechs an der Schwemm selwer, an um sechs Auer sin mir bei der Piscine fortgefuer. Wei mir op der Campplaatz rem ukomm sin, ass et z'iessen gin (wees awer net mei waat). Owes hun d' Avexcheffen an d'Avex sech an een Eck gesaat, wou mir Kärzen ugefaangen hun an Lidder gesongen hun. Um 23:00 war Nuetsrou. Obwuel mir dun na net geschloof hun, och wann eis Cheffen der Meenung waaren.

Anne an Jeff Rommes

Mettwochs 3. August

Leider get et den Text vum Tanja net.

Donneschdes 4. August

Also , moies sin mir all obgestanen an dun sin mir emol Kaffi drénken gangen. Duerno hun mir mam Anne Rainmakeren



Weekend vum 19. - 20. Märzi 2005

Den stärksten Mann vun der Welt

Mir sin mat der Camionette op Befrt an een Chalet gefuer. Wei mir ukomm sin hu mir na missen op de Schlessel waarden. Wei mir dun de Schlessel haaten sin mir eis Saachen bei d'Better stellen gaang a sin dun zesummen geruff gin vir een Rallye duerch Beefort ze maachen. Den Rallye huet laang gedauert a wei mir dun erem waren hun mir eppes giess. Et gouf lecker Spaghetti.

No den Spaghetti haaten mir eng Veillée iwert den stärksten Mann vun der Welt. Do hu mir flott Spiller gemaach a vill gelaach. Mir hun wei emmer nach laang mateneen geschnabbelt an Dommheeten gemacht.

Moies hu mir Kaffi gedronk a kruuten gesoot mir missten eng Fotostorie iwert den stärksten Mann vun der Welt maan. Also huet rem jidfereen sech op de Wee gemaach vir ze knippsen.

Speider wei mir erem zereck komm sin hu mir alles missen apaaken an sin dun erem heem gefuer.

Leider war den Weekend erem vill ze vill seier eriwwer, well mir eis ewei emmer mega ameseiert hun.

Fanny Toisul

gebastelt . Dat sin esou laang Roueren aus Kartron an do dran mëcht en Reis an dann schléit en an den laangen Rouer aus Kartron Neel an . An wann en den dann rësselt dann raschelt dat esou ... Et héiert sech dann wie Reen un .

Dat war dunn eis Moiesaktivitéit . Duerno mëttes hun all d'Branchen eng Olympiad matgemaach bei där et 6 verschidden Länner goufen : Belge , Haïti , Japan , Kenia , Australien an Brasilien . All Land hat hat Leit aus all den Branchen vun Biber bis Raro . Dun huet all Land sech missten eng Eröffnungsfeiernvirstellung anfallen lassen an déi présentéieren . Zum Beispill hun d'Belge eppes mat Fritten gemaach , d'Japaner mat Fotoapparaten asw . An dun ass d'Olympiad endléich lass gangen . Et waren 9 Diszipliner ze bewannen . Diszipliner : 1. Weitwurf - Et misst en en groussen Steen esou weit wie méiglech schéissen 2. Loftunhaalen - Et misst en den Kapp esou laang wéi méiglech ënner Waasser an engem Eemer haalen 3. Sackhüpfen - Et misst en sech an engem Krees ob d'Linn vum Radius an eng Rei stellen an dann en Tour sprangen . Dat heescht den am nosten bei der Mëtt stoung hat natierlëch am mansten weit ze sprangen an den am bausseseiten vum Krees hat am weitesten ze sprangen 4. Autozéihen - Et misst en dem Jemp sein Auto innerhalb vun kierzester Zäit iwwert eng Linn zéihen 5. Speerwerfen - Hei misst

en en Speer esou weit wéi méiglech schéissen 6. Tuernbauen - Et misst en kucken mat iergendenger Technik esou en héich wéi méiglechen Mënschenturm ze opzestellen 7. Freesbeewerfen - Et misst en en Freesbee an en bestëmmtenen Krees schéissen 8. Fëschchen - Et misst en verschidden Bäll aus engem klengen Baséng fëschchen anzwar goufen et do verschidden Faarwen vun Bäll . Zum Beispill krut en bei engem Bloen Ball 3 Punkten , bei engem rouden Ball 2 Punkten , bei engem gielen Ball 4 Punkten asw 9. Darts - Et misst en mat den Dartspfeiler Bäll ofschéissen .

Dunn wie et fäerdeg konnten mir emol gudd raschten an dun hun mir emol owes gudd giess . Duerno war dunn nach eng Reliéis Feier bei der den Pit als Paschtouer komm ass . Während der Mass huet all Branche dun en klengen Theater missen spillen , währendems en Text firgeliess gouf . An fir den Rescht hun mir vill gesongen an gebied . An dun wie et dun fäerdeg war hun mir missten an d'Heia well duerno war och nach en Dag .

Max Beck

Freides 5. August

Moies waren mir den Musée vun Benzelt kucken. Do stungen lauter aal Maschinnen an och Kummeren an denen freier Leit geschloof hun. Mettes waren mir d'Maulusmillen besichen. D'Besetzer hun eis d'Milleraad gewisen, dono haat de Bauer eis nach seng aal Traktoren gewisen an opgezun. Dun hu mir eis decideiert vir op Reiden an d'Schwemm ze goen, do hu mir emmer probeiert dei zwee Ben' en ze zappen. Daat war net sou liicht. Leider as den Fussballstourni ausgefall well et zevill gereent huet, do waren mir zwar net besonnech zefridd. Owes hu





mir na e klengen Quiz an den Zelter
gemaach.

Fränz Krier

Samschtes 6. August

Endlich war er da, der grosse Tag. Heute bekamen die Pfadfinder ihre 35 Jahre (und ich meine 12). Wir standen auf und assen kurz gesagt, was man Morgens so macht. Nach einiger Zeit wurden ein paar von uns aufgerufen, die die Bänder von der Nachtrallye einsammeln sollten. Die Eltern die kamen machten ja auch eine Rallye. Sie sollten ja nicht durch die alten Bänder in irre geführt werden. Ich, Jeff und Carole B. gingen den einen, die anderen den anderen Weg. Als wir fertig waren gingen wir wieder zurück. Dann kamen die Eltern. Meine Mutter gab mir mein Geschenck und Süssigkeiten. Ich hab die Süssigkeiten verteilt, ein paar Mäuse fotografiert und dann war auch schon die Abschlussfeier. Jede Branche hat etwas vorgeführt. Als die Feier zu Ende war, gingen meine Eltern nach Hause, und ich in den Schlafsack, dann bin ich eingeschlafen.

Florence De Dood

Sonndes 7. August

Wir mussten die Zelte putzen und die Jungs haben Florence's Schuh genommen und gesagt sie hätten ihn ins Wasser geworfen, doch das stimmte nicht. Wir fanden das heraus und sie liessen sich etwas anderes einfallen. Dann warfen sie Florence's Schuh über den Fluss!!!! Doch Carole Schmol hatte Stiefel an und ging zu dem Schuh und gab ihn Florence.

Carole Bordez

Absurd-Cup Weekend

vum 18. - 19. Juni 2005

An einem Sonntag im Juni gingen wir mit den Avex zum Absurd-Cup. Beim Absurd-Cup war es so, dass viele Scouten aus verschiedenen Ortschaften bei Spielen antraten; z.B. war dort ein Spiel wo man auf leere Getränkekisten steigen musste (natürlich gesichert). Für jede Kiste die man höher stieg bekam man einen Punkt mehr. Dann gab es da noch ein Spiel was ich besonders toll fand. Bei diesem Spiel musste man einen Badeanzug anziehen, dann ist man eine Rutsche aus Plastik runtergerutscht. Während man runterrutschte, schoss man einen Ball auf Kegeln, für jede Kegel die umfiel gab es einen Punkt. Und so gab es noch viele andere Spiele. Nun ja, Lorentzweiler wurden die achten, von vielen anderen Teilnehmern.

Julie Beck



D'Carapio || || || ||
um Move Camp || || ||

Samschtes 30. Juli

Um 10.28 Auer hun mir den Zuch fir an d'Eisléck geholl. Wéi mir ukoumen missten mir eis Zelter opriichten, natirlech direkt bei d'Waasserraad waat nuets liicht Kaméidi gemaach huet.

Owes soutzen mir, wéi een et jo absolut net gewinnt ass vun eis, liddreg an den Campingstill beim Lagerfeier. Daat war souwisou déi eenzeg Plaz wou een ouni Skikostum em déi Zäit net erfuer ass.

Sonndes 31. Juli

Moies huet jiddfereen gejéimert wéi kaal et nuets war an jiddfereen huet gekämpft fir nach eng Decken ze ergatteren. D'Dixitoiletten hun natirlech vun Ufank un gestonk an all Daag huet sech daat e besseren méi gesteigert. Wéi mir eis dun moies iwwerwannt kruuten fir Konstruktiounen opzeriichten, hun mer eng Dusch (obwuel keng S.. dragaangen ass) an eng höchst kreativ Wäschplaz opgeriicht, wou den Frank schon direkt erem eng "gute Tat" vollbruecht huet: d'Këscht matt den Neel an d'Wiss emge-

heien, déi mir dun erem all eenzel dierften opdraafen. Mëttes hun mir nach weidergeschafft an d'Wieder konnt sech de ganzen Camp laang net décidéieren; Pullover aus, Pullover un, Pullover aus, Pullover un, ...

Owes war war dunn d'Eröffnungsvéillée wou eng Reegel festgeluecht gouf, déi de ganzen Camp gëllen sollt: soubaal een d'Trooter héieren huet, misst een alles leien loosse an d'Hänn bei de Kapp: ça veut dire... sou eppes wéi een Elch!!?

Meindes 1. August

Moies hun mir den "Knut", eisen neien CaraPio, gebastelt an en op den Tuerm gehaangen an d'Wëllefcher koumen un. Mëttes dierften mir eis bei den New Games zu Vollidioten maachen (zum Gléck waren déi aaner Branchen net do) an dierften esou cool Spiller vum Frank (déi hien all aus dem Internet haat) maachen wou mir beispieelsweis wéi blann Inten duerch d'Géigend trëllen dierften.

*"I like to move it,
move it!"*

Owes war deen äusserst flotten Nuetsmarsch, deen schon vun jiddferengem gefaart gouf, mee kenn sech drécken konnt. De Frank, eisen groussen "Faakelmeeschter", huet sech 3 mol d'Box onbemierkt bei sénger Show ugefaang. No engem klengen Tour duerch de Bësch sin d'Wëllef zrëck op den Camp gaangen an d'Avex goufen dun och no enger kuerzer Zäit ofgeholl. D'CaraPio missten natirlech dee ganzen Wee matgoen an natirlech hun mir eis vellaaf. Ennerwee hun de Sven, de Nico an den Eric gemengt si kéinten eis erschrecken an hun sech éiweg verstoppt. Iergendwann e puer Joër méi spët koumen mir un an konnten endlech an eist gudd kaalt Zelt. Eiiiiii...

Denschdes 2. August

Moies AUSSCHLOOFEN!!!!

Mettes war den Highlight vum ganze Camp: eis Visite bei der Wandmillen, höchst interessant an elo kennen mir och déi ganz Biographie vum Schancke Jos. Wéi daat dun endlech färdeg war, sin mir eng gudd Dusch huelen gaangen an eng Schwämm (mee net an d'Schwämm selwer gaangen. *logik* *logik*)

Owes haaten mir d'Liewensfeier, wou mir eis missten matt der Carrymatt an déi naas Wiss léen an eis matt deenen gemittlechen bulliverschmierten Säck dierften zoudecken. Mee soss war et ok (iwwrengens eng Liewensfeier ass... off... net esou wichtig)

Mettwochs 3. August

Moies sin mir op de Wäisswampecher Séi gefuer.

Mettes misst den Änder direkt mam Charel bei de Monni Doktor an daat wéinst enger Bëschzeck. Dun sin si en halwen Tour ronderëm d'Welt gedüst fir beim Doktor gesoot ze kréien si sollten um 18.00 Auer eremkommen, well si keen Rendez-vous hätten.

Owes hun mir "Wetten dass..." gespillt wou dem Nico baal säin Liter Wasser



erem eropkoum deen hien huet missen drénken. D'Catherine misst duerch déi ganz Baach klammen an ënnert all de Brécken duerchkrauchen. (fir all déi, déi net wëssen dass daat Waasser gehierlos kaal war, eng kleng Info: d'Waasser war gehierlos kaal.)

An nach vill aaner "Wetten dass..." reif Wetten...!!!

Lisa a Charel

Donneschdes 4. August

Donnechdes Moies, wéi mir aus eisen Mäislächer gekroch sin, ass et direkt sportlech matt engem Indiaka-tournoi lassgaangen, wou d'Carapio-Cheffen "dichteg" mat hieren Drecks männerschers "Move" Gilet'en opgetrueden sin. Daat war jo richtig amüsant.

Nom Mëttegiessen hun mir eis fir eng Lännerolympiad prett gemaach. Vill flott Spillercher hun mir do gemaach, fir grouss an kleng: z.B. Speerwerfen, ween am längsten d'Loft unhaalen kann asw.

Owes haaten mir eng reléis Feier matt eisem Aumönier dem Pit. D'Catherine, de Pol an de Misch sollten eis do mat der Gitarre begleeden, wéi mir sämtlech Lidder zesummen sollten sangen, waat awer net richtig geklappt haat. Mee bon,

et war awer flott. Dono sin mir "alleguer" an eis Zelter schloofen gaangen....

Tammy

Freides 5. August

Wou mir moies bis all aus eisen Zelter gekroch koumen, eis d'Aen gudd geriwwen hun, an genammt haaten, sollten mir jo un sech d'"Family of Man" kucken goen, waat allerdings ausgefall war. Mir hun ons e gudden Pik-Nik gemaach an sin emol fortgefuer, ouni dass mir wossten wouhin et geet, an sin dun op Bitburg gefuer. Als éischt waren mir Kart fueren, wou d'Julie mol een decken Crash haat an bis bei d'Oueren an den Pneu'en houg. *huch* Eist Jill haat, mengen ech ganz d'Gaspedal net fonnt, vue dass hatt eréicht 5 min no all deenen aaneren d'Ziel erreecht haat. Ech muss allerdings och zouginn dass d'Tammy an ech guer net gefuer waren. *ni* :

Nodeems eis Männer dun hiert Kénnen bewisen haaten, waren mir op Bitburg an d'Schwämm, wou mir ons dun och all géigensäiteg freckt gemaach hun. *aua*

Erem op der Campplaz ukomm hun mir ons dun de Käppi zerbrach, waat mir onsen Elteren dann Flottes während der Oofschlossfeier giffen weisen.

Nodeems mir dun erem eppes gebrutzelt



kruuten an gefruppst haaten, sin mir am Reen d'Engagementsfeier maachen gaangen, wou d'Tammy, d'Julie, d'Jill, d'Lisa an de Charel hiert CaraPio-Versprieche gemaach hun an wou mir all gudd gesouert hun, well mir e Bierg hun missen eropgoen an well et gschifft huet wéi S... *granz* Duerno soutzen mir wéi ëmmer nach ronderem d'Feier, hun gesongen an hun dem Men nogelauschtert resp. nogekuckt wann hien säin "Maulusmühlenblues" gespiilt huet. "gudd Nuecht Kanner (a Mäis)" ' insider Witz *hi*

Catherine

Samschdes 6. August

Samsdes Moies, wéi de Men eis bis all mat senger Elchtrooter aus dem Bett geekelt haat, sin mir dun ganz onfräiwëlleg opgestaanen. Den Elterendaag huet matt engem flotten Rallye duerch de Bësch, an villen Spiller ënnerwee, ugefaangen. Wéi si dun an der Halschent vum Wee waren, haaten mir och fir hieren Honger gesuecht. Wéi si dun erem bessi gestärkt waren, sin si weider bis op d'Campplaz getrëppelt, ennerwee hun si missen en Lidd erfannen, waat si owes hun missen sangen. Richteg lustig! Virun der Véillée ass et dun nach Gegrills gin, an e Kuch. mmmh... lecker.

An der Oofschlossvéillée huet dun all Branche e Sketch gemaach, an nach vill aaner flott Saachen. Dun war et sou wäit, d'Wëllefcher an d'Biber sin dun schon mat hieren Elteren heemgaangen. ciao...ciao :

Tammy

Sonndes 7. August

Sonndes, sin mir nees alleguer doudmidd an onfräiwëlleg opgestaanen. Daat een-zezt waat mir usech de ganzen Daag gemaach hun, war alles oofgerappt a propper gemaach. Flott gell!!!?? :

Ennert anerem hun mir gaanz grouss Feier'en matt all deem Holz vun de Konstruktiounen,... gemaach. Wou mir dun baal färdeg waren an just nach 2 grouss Zelter stoungen, huet et gehierlos ugefaangen matt schiffen an stiermen, dass eis d'Zelter em d'Oueren geflunn sin. Mee mir waren sou Wieder jo schon déi ganz Woch laang gewinnt.

Bëssen méi spéit sin mir dun op d'Gare gaangen, wou mir dun den Zuch geholl fir Heem. *yuppi*

Ende der Geschichte!!!

Catherine



Biber

Wëllefcher

Avex

Carapio

Raro

Verschiddenes



Journée CaraPio || || || || 2005 || || || ||

Also, den 10. Abrell waren mir op Scheffleng op d`Journée Carapio, en Rallye fir all d`Carapio aus dem Land. *YUCHE*

Wei mir bis den Startziedel ausgefelt, eis Coordinaten op d`Kaart agedroen (wat mir jo sougudd kennen), eis Taass Kaffi geschluppt an eisen Croissant giess haten konnt et dun lass goen!!! Fir unzufänken konnten mir dun onnéideg e Bierg an Träpen eroplafen, well eis Chefen jo der Iwwerzeegung waren, mir wieren um richtige Wee!!! Gell, Fränk? :) *huch*

Am Laf vum Dag hun mir dun missen sou Spiller machen an wann een e Spill gewonnen hat, krut een e Schlessel. D.h. et ass dremms gang sou vill ewei meiglech Schlesselen ze kreien. Natirlech krut een awer och nach Punkten op den Froebou... *g*

D`Spiller waren zum Bleistift :

- mat engem langen Rouer op de Schelleren, zigzag duerch zimlech no uneene geplanzten Beem lafen
- eng Wasserbreck bauen, an dann gouf gemooss weivill Wasser um Enn vun eiser Waasserbreck ukomm ass
- mat Colascajoten en Tuerm bauen, sou

heich ewei meiglech an sech schlussendlech drop stellen

- en Bal!!! esou wait ewei meiglech scheissen

- sou en Dickmops vun den Schefflenger RaRo vun enger Kescht stoussen, allerdings hat een nemmen en schweieren

Poul an der Hand, deen een net gepackt huet, fir deen Decken erof ze geheien

Zitat vun engem Luerenzweiler: "Hau weg die Scheisse!" (mir nennen keng Nimm)

Ajo, als Mettegiessen kruten mir Spaghetti oder Gegrilltes mat Fritten. *legger*

Nom lessen ass et dun weider gangen mat den Spiller, an eis Cheffen hun rem missen d`Weer querfeldein improvisieren an ons duerch Picken, Hecken, Brennesselen...scheiden an Bierg op, Bier of, „Wou sinn mir hei?“ asw.bis eng bestimmten Zait...dun gouf alles ausgewärt!!! Während der Praissverdeelung goufen mir gewuer, dass mir eng SENSATIONELL 3.läsch Platz erreecht haten! *YuPPI*

Nujee, opmannst haten mir onsen Spaass, wann een et sou nennen kann ;)

... Merci fir aer konzentriert Opmierksamkeet ...

Catherine





Päischtcamp vum 14. bis den 18. Mee

Den Nico, Flepp an ech waren am Mee op den Paishtcamp um Naihaischen, organiseiert vun der Route mat der Zesummenarbecht vum SAFAB.

Mat vun der Partie waren nach RaRo vun Scheffleng, der Gare, RaRoRoLa an Sandweiler.

Do um Paishtcamp as en Projet gestart gin. An zwar en Keltenhaus ze bauen. D'Ekip vum Neihaischen wellen den Site mei moderniseieren an sou wellen si, ennert anerem mam Keltenhaus, Schouklasses oder Jugendvereiner bessi unzeien.

Den 1. Daag war d'Wierder net sou super an sou huet sech Motivatioun nach bessi an Grenzen gehaalen. Am Reen goufen dun mol d'Zelter, d'Kichen, d'Wäschplaz an ganz wichteg d'Bar fir owes opgeriicht.

Dann gouf bessi erkläert wie die Deeg do sollen ooflaafen.

Et mussen Zillen gemeet gin, d'Beemstämme mussen geschielt gin an dann soll och nach en Rennuewen gebaut gin.

D'Fierschteren haaten schon eng gutt Arbecht gemeet... dei grouss

7-8 m Stämm an den Buedem gestallt. Et goufen Ekippen gemaat an sou konnt et schon lass goen.

Ech fir mein Deel sin d'Beem schielen gangen.

Dann goufen nach vill Beemstämme ungeschleeft an mat der Motosäh kleng gemeet, gespleckt...

Den Nico an den Flepp waren op en Site zu Senningen gefuer wou do Sand gereecht gouf fir Zillen ze maan fir den Rennuewen. Dat war guer net sou einfach. Deen Sand muss dann nach dei richtig Meschung kreien, dass dei Zillen och zesummen haalen...

Dat as dann die 4 Deeg sou weideren gangen.

Den Rennuewen huet richtig Form kruit. Ant Keltenhaus haat schon puer Seitenstämme kruit.

Natirlech bleiwt do nach vill vill Arbecht ze maan.

Affaire à suivre...

Mireille



Mir waren mat dobei!

Hei sin just déi Leit opgeléicht, déi hir Cotisatioun bezuelt hun an dofir och op där offizieller Memberslëscht vun 2004/2005 vum Verband stoungen.

BIBER

Maite BONIFAS
Charlotte BOWEN
Pit FOXIUS
Coleen GONNER
Michel HEISTEN
Vanessa KOCH
Shannon LANGERS
Charly NEYENS
Fränk PAUTSCH
Céline SPITHOVEN
Céline TOISUL
Matthew TONEY

CHEFFEN

Renée BIDOLI
Jill BEFFORT
Michel BRÜCK
Elisabeth KRECKE
Catherine MAYER
Annick MENSTER

WELLEFCHER

Tom BODE
Gilles COLLING
Melanie FETTES
Jules FOXIUS
Julie HARY
Olivier KIEFFER
Chiara LANGERS
Rick RODERES
Linda SCHMIT
Brian TONEY

CHEFFEN

Fanny BICHLER
Danielle BRÜCK
Paul BRÜCK
Michel DOSTERT
Germain FOURNELLE

Marianne JACOBS
Melanie MASSOL
Patrick WEBER
Julie WENGER

AVEX

Julie BECK
Max BECK
Lena BIDOLI
Charel BODE
Carole BORDEZ
Florence DE DOOD
Rachel GONNER
Liz HARY
Francis KRIER
Jeff ROMMES
Anne ROMMES
Nora SCHMIT
Carole SCHMOL
Christophe SCHMOL
Fanny TOISUL
Tanja WIESEN
Tom WILTGEN

CHEFFEN

Jemp BECK
Ben BISENIUS
Anne MOLITOR
Ben MOLITOR
Ernestine MULLER

CARAPIO

Charel BIDOLI
Lisa BISENIUS
Catherine HANCK
Julie JACOBS
Tammy RINNEN
Jil SCHOSSELER
Samantha WIESEN
Anouk WILTGEN
(+ *aaner Cheffen*)

CHEFFEN

Fränk BOURMER
Sven LINCKELS
Myriam MAES
Carole NEY
Nico PANETTA
Ander SCHROEDER

RARO

Patricia (Butz) FEVE
Sarah JACOBS
Eric LARSEL
Philippe SCHAACK
Paul SCHINTGEN
Sven SCHOSSELER
Liliane STAUS
(+ *aaner Cheffen*)

CHEFFEN

Tessy HÖFLIGER
Mireille PEUSCH

5. BRANCHE

Marc JEGEN
Patrick LECLERC
Georges MENSTER
Marc MOLITOR
Alain PAULUS
Marc SCHROEDER
Roby THEISEN
Philippe WENGER
Nicole LECLERC-FELTES
Manon STEIN-WEIS
Annick WEISS
(+ *aaner Cheffen*)

MATAARBECHTER

Chantal EVERAD
Pascal FEHLEN
Pit REUTER
Lucien WEYERICH
Christophe WIROTH
(+ *aaner Leit déi keng Cotisatioun bezuelt hun*)